

Lëtzebuerg, den 08.02.2021

Communiqué

Als Reaktioun op d'OpenLux-Enquête fuerderen d'Piraten eng Transparenzsteigerung am lëtzebuergesche Finanzsecteur.

Rezent journalistesch Recherche hu Lëtzebuerg alt nees eng Kéier mat Praktiken zur "Steieroptimiséierung", voire Steiervermeidung, an Zesammenhang bruecht. Als Reaktioun betount d'Regierung an engem Communiqué, d'lëtzebuenger Gesetzgebung wär a vollem Aklang mat allen internationalen an EU-Virschrëften esou wéi Transparenzstandards an et géifen och ausnahmslos all d'EU- an international Moosnamen zum Informatiouns Austausch a Steuerfroen an zur Bekämpfung vu Steiermëssbrauch a Steiervermeidung ugewend ginn. Mat dëser Reaktioun weist d'Regierung net nëmmen, dass si un enger Verbesserung vun der Situatioun kengeswees interesséiert ass, mee werft och d'Fro op, ob alles wat legal méiglech ass, och gerecht ass. Souguer wa Lëtzebuerg grouse Multinationale just op legale Weeër bei der Steieroptimiséierung hëlleft, heescht dat net, dass Lëtzebuerg op dës Aart a Weis net awer aner Länner Milliounen oder souguer Milliarden u Steierrecette kascht, déi an dës Länner fir d'Allgemengheet hätte kéinten agesat ginn.

Wann d'Regierung wëll, dass d'lëtzebuenger Finanzplaz endlech net méi mat Geldwäsch a Steierhannerziung a Verbindung bruecht gëtt, da geet et net duer, ze soen, dass ee sech un d'Reegelen hält, da muss een dat och beweisen - an da muss ee mat de Geheimnisser an der Intransparenz, déi d'lëtzebuergesch Finanzplaz ëmmer nach dominéieren, opräumen. Grad e Mangel un Transparenz féiert zu esou Artikelen wéi dem OpenLux an dofir brauche mer éischer méi Transparenz bei Firmekonstrukter ewéi manner.

Starys Flor - Spriecher vun de PIRATEN

Et war e wichtege Schrëtt, en öffentlech zougängleche Registre des *Bénéficiaires effectifs* (RBE) anzeféieren an d'Pirate géifen sech och wënschen, dass Europa hei dem lëtzebuergesche Beispill nokënnt, an änlech käschtefräi Systemer en place setzt. Mee dat eleng geet net duer.



Et geet net duer just ze dokumentéieren, mir mussen och dru schaffen de Contrôle vun den Informatiounen méi einfach an effikass ze maachen.
Sven Clement - Deputéierten PIRATEN

Lëtzebuerg brauch eng gerecht Steierpolitik mat transparente Virgaben a Kontrollen, eng Finanzplaz, déi modern an zugläich fair ass.



www.piraten.lu